
# EIS CHARTA

WALFER Schoul a Maison Relais



# Intro

## Eis Charta


Eis Charta erënnert un d'Grondsätz vum Zesummeliewe vun alle Partner aus der Walfer Schoul an der Maison Relais, aus deene sech Rechter a Flichten fir jiddereen erginn.

Si betrëfft all Member vun eiser Schoul a Maison Relais: Schüler, Elteren, Enseignanten, Educateuren a Mataarbechter.
Eis Schoul an d´Maison Relais solle Plaze sinn wou mir eis wuel fillen a jiddereen a senger Eenzegaartegkeet respektéiert gëtt.

Eis Charta weist eis de Wee fir e flott a respektvollt Zesummeliewe vun alle Bedeelegten an der Schoul wéi och an der Maison Relais.

# Respekt virum Mënsch

- Mir sinn héiflech a leeë Wäert op gutt Manéieren.
- Mir sinn éierlech a fair am Ëmgang mateneen, mir hunn d´Recht op eng eege Meenung a respektéieren och aner Meenungen.



# Respekt virum Kierper

- Mir leeë Wäert op Hygiène, gesond Ernährung a Bewegung fir gesond ze liewen.



# Respekt virun der Natur

- Mir handelen ëmweltbewosst a respektéieren d´Planzen an d´Déierewelt.



# Respekt virum Material

- Mir huele Récksiicht op Schoulmaterial, Kleeder a Gebaier.



# Toleranz

- Mir sinn oppe fir aner Kulturen an Traditiounen ouni eis eegen ze vernoléissegen.



# Inclusioun

- Mir behandele jidderee sou wéi mir och selwer wëlle behandelt ginn, jiddereen ass e gläichwäertege Member vun eiser Gesellschaft.



# Verantwortung

- Mir hunn alleguer Rechter déi mer notzen a Flichten un déi mer eis halen.




# Dialog

- Mir probéiere Problemer an Differenzen zesummen ze léisen a leeë Wäert op eng éierlech an transparent Kommunikatioun.



# Asaz

- Mir stellen eis Iddie regelméisseg a Fro an huelen nei Erausfuerderungen un.



# Wuel a Freed

- Mir passen drop op, dass jidderee sech kierperlech a séilesch sou gutt wéi méiglech spiert a mat Spaass un den Aktivitéiten deelhuele kann.

